



Här Claude Wiseler

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. September 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Am Kader vum Projet „ALPHA – zesumme wuessen“ gëtt vun der Rentrée 2026/2027 un de Choix tëschent Däitsch a Franséisch als Alphabetisierungssprooch progressiv am Enseignement fondamental generaliséiert.

Gläichzäiteg gëtt d'Offer vu Klassen, an deenen d'Unterrichtssprooch Franséisch ass, am Enseignement secondaire ausgebaut. Dem Aktivitéitsrapport 2025 vum Ministère no goufen am Schouljoer 2025/2026 a sechs Lycéeë franséischsproocheg 7e-Klassen am Enseignement secondaire général ugebueden.

Eisen Informatiounen no soll fir d'Rentrée 2026/2027 an iwwer 20 Lycéeën eng franséischsproocheg Filière respektiv eng Offer mat Franséisch als Hauptunterrichtssprooch agefouert oder ausgebaut ginn. Falls dës Informatiounen stëmmen, géif et sech ëm eng substantiell Erweiterung vun der aktueller Offer handeln.

Dës Entwécklung werft Froen iwwer d'Strategie tëschent der Sproochepolitik am Enseignement fondamental an där am Enseignement secondaire op. Et ass och wichteg, dës Ausweidung am Liicht vun de wëssenschaftlechen Erkenntnisser iwwer d'Wierksamkeet vun esou sproochleche Modeller ze betruechten.

Virun dësem Hannergrond stellen sech notamment d'Froen, wéi eng wëssenschaftlech Critèrë (z.B. de LUCET Rapport, de scho vill Critèrë geliiwert huet) bei der Decisioun iwwer den Ausbau vun der franséischsproocheger Offer ugewant ginn a wéi assuréiert gëtt, datt dës Entwécklung mat enger kohärenter Sproochepolitik iwwert déi verschidden Niveaue vum Schoulsystem ewech entsprécht.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Kann de Minister confirméieren, datt vun der Rentrée 2026/2027 un an iwwer 20 Lycéeën eng franséischsproocheg Filière ugebuede solle ginn? Falls d'Äntwert op déi

éischt Fro positiv ass, wéi eng Lycéeën sinn dat a wéini a wéi goufen d'Elteren iwwer dës nei Méiglechkeet informéiert?

- Wéini a wéi goufen d'Direktiounen an d'Enseignante vun de betraffene Lycéeën an d'Preparatioun vun dëser Reform agebonnen? Wéi eng spezifesch Formatiounen, Léiermaterialien a pedagogesch Betreuungsmesurë goufen hinnen ugebueden?
- A wéi engem konkreten Zesummenhang steet d'Aféierung vun dëse franséischsproochege Filièrë mam Projet „ALPHA – zesumme wuessen“ am Enseignement fondamental? Soll dës Offer mëttel- oder laangfristeg eng direkt Weiderféierung fir Schüler duerstellen, déi am Fondamental op Franséisch alphabetiséiert goufen?
- D'Konzept vum Projet ALPHA gesäit vir, datt d'Schülerinnen a Schüler trotz ënnerschiddlecher Alphabetiséierungssprooch a gemëschte Klasse bleiwen an um Enn vum Fondamental iwwer Kompetenzen a béide Schoulsproochen verfügen. Wéi ass dës Zil mat der Schafung vu separaten franséischsproochege Filièren am Lycée ze vereinbaren?
- Wéi wëll de Minister verhënneren, datt duerch déi nei Filièren eng fréi an dauerhaft Opdeelung vun de Schüler no hirer Sprooch oder hirem soziale respektiv familiäre Profil entsteet? Wéi gëtt garantéiert, datt d'Méissproochegkeet an d'sozial Kohäsioun erhale bleiwen?
- Soll d'Entwécklung vun de franséischsproochege Filièren am Enseignement secondaire an déi wëssenschaftlech Evaluatioun vum Projet ALPHA integréiert ginn?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Ricardo MARQUES





Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4711 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques

- 1. Kann de Minister confirméieren, datt vun der Rentrée 2026/2027 un an iwwer 20 Lycéeën eng franséischsproocheg Filière ugebuede solle ginn? Falls d'Äntwert op déi éischt Fro positiv ass, wéi eng Lycéeën sinn dat a wéini a wéi goufen d'Elteren iwwer dës nei Méiglechkeet informéiert?**

Insgesamt proposéieren 19 Lycéeën vun der Rentrée 2026/2027 un eng francophone 7e, sief et an der Voie de préparation, an der Voie d'orientation vum Enseignement secondaire général oder am Enseignement secondaire classique.

Follgend Lycéeën hu fir d'Rentrée 2026 eng 7e mat Franséisch als Unterrechtssprooch ugebueden:

Atert-Lycée Réiden, Lycée du Nord, Lycée technique d'Ettelbruck, Lycée classique de Diekirch, Nordstad-Lycée, Lycée classique d'Echternach, Maacher Lycée Grevenmacher, Lycée des Arts et Métiers, Bouneweger Lycée Luxembourg, Lycée privé Emile Metz, Lycée de Garçons Luxembourg, Lycée technique du Centre, Lycée Josy Barthel Mamer, Lycée Nic-Biever, Lycée technique de Lallange, Lycée Hubert Clément, Lycée Guillaume Kroll, Lycée Bel-Val, Lycée Mathias Adam.

D'Elteren haten e puer Méiglechkeeten, sech iwwer déi Offer ze informéieren. Op der Schoulfoire den 19. Abrëll 2026 konnten d'Elteren en Iwwerbléck iwwer déi ganz Offer fir d'Septièmë kréien, wou och déi francophone Klassen opgelëscht waren. Déi selwecht Iwwersiicht ass zäitgläich op der Säit vum Ministère publizéiert ginn.

Am Kader vum Bilansgespräch kréien all d'Elteren, déi e Kand am Cycle 4.2 vum Enseignement fondamental hunn, vum Titulaire de classe eng Pabeiversioun vun der Offer ausgedeelt. Och am 3. Trimester vum Schouljoer 2025/2026 war dat de Fall.

Den 5. Juni gouf op enger Pressekonferenz vum Ministère eng Iwwersiichtskart vun der francophonner Offer op 7e gewisen.

- 2. Wéini a wéi goufen d'Direktiounen an d'Enseignante vun de betraffene Lycéeën an d'Preparatioun vun dëser Reform agebonnen? Wéi eng spezifesch Formatiounen, Léiermaterialien a pedagogesch Betreuungsmesurë goufen hinnen ugebueden?**

Am Enseignement secondaire général gëtt déi besteeënd francophone Offer erweidert.

De Ministère huet am Hierscht d'lescht Joer Kontakt mat deene Lycéeën opgeholl, déi 7G-Klassen hunn, a wou et sënnavoll geschéngt huet, och francophone Klassen unzebidden. D'Direktiounen sinn iwwer d'Léiermaterial an d'Zilsetzung informéiert ginn. Am Mäerz goufe regional Reuniounen mat allen Direktiounen organiséiert. An dëser Phas hunn och nach weider Lycéeën decidéiert, hir Offer ze erweideren an eng 7G respektiv eng 7P francophone unzebidden.

Parallel dozou sinn an den dräi Regiounen vum Land Lycéeën kontaktéiert ginn, déi haaptsächlech de Classique ubidden. An engem Aarbechtsgrupp hu si, zesumme mat Responsabelen aus dem Ministère, iwwer d'Erweiderung vun der 7C-FR beroden an eng Decisioun geholl.

Allgemeng geet et also manner ëm eng Reform vum System wéi em eng Extensioun vun enger scho besteeënder Offer. Déi Fächer, déi op 7e, 6e a 5e op Däitsch enseignéiert ginn, ginn an de francophone Klassen op Franséisch enseignéiert. D'Enseignanten halen sech a béide Fäll un de selwechte Programm mat de selwechte Contenuen. Déi meescht Fächer ginn am Cycle supérieur schonn op Franséisch enseignéiert, esou datt fir d'Enseignantë d'Franséisch als Unterrechtssprooch net nei ass; et ass deemno och keng weider Formatioun néideg.

D'Léiermaterial fir déi francophone Klasse gouf an de leschte Joren an deene Lycéeën benotzt, déi dës Offer schonn haten, a steet den Enseignanten zur Verfügung. Fir d'6C-FR an 5C-FR Klassen gëtt Material an Aarbechtsgruppen ausgewielt an opgestallt.

3. A wéi engem konkreten Zesammenhang steet d'Aféierung vun dëse franséischsproochege Filière mam Projet „ALPHA – zesumme wuessen“ am Enseignement fondamental? Soll dës Offer mëttel- oder laangfristeg eng direkt Weiderféierung fir Schüler duerstellen, déi am Fondamental op Franséisch alphabetiséiert goufen?

D'Extensioun vun der francophonner Offer äntwert op eng Evolutioun an der Gesellschaft. Am Enseignement secondaire sinn ëmmer méi Schüler méi à l'aise, fir Contenuen op Franséisch ze assimiléieren.

De Projet *ALPHA – zesumme wuessen* ass dogéint eng spezifesch Reform vum Enseignement fondamental.

- 4. D'Konzept vum Projet ALPHA gesäit vir, datt d'Schülerinnen a Schüler trotz ënnerschiddlecher Alphabetiséierungssprooch a gemëschte Klasse bleiwen an um Enn vum Fondamental iwwer Kompetenzen a béide Schoulsproochen verfügen. Wéi ass dëst Zil mat der Schafung vu separate franséischsproochege Filièren am Lycée ze vereinbaren?**
- 5. Wéi wëll de Minister verhënneren, datt duerch déi nei Filièren eng fréi an dauerhaft Opdeelung vun de Schüler no hirer Sprooch oder hirem soziale respektiv familiäre Profil entsteet? Wéi gëtt garantéiert, datt d'Méisproochegkeet an d'sozial Kohäsioun erhale bleiwen?**

An de francophone Klasse ginn déi selwecht Sproochecoursen ugebueden, wéi an de Klassen, an deenen op Däitsch enseignéiert gëtt. D'Schüler müssen also den entspriechenden Niveau am Däitschen hunn, fir de Cours ze suivéieren. De Programm vum Däitschcours ass net reduzéiert.

De Ministère huet bewosst kee francophone Lycée geschaf, mee d'francophone Klassen a besteeënde Lycéeën opgemaach, wou Schüler mat ënnerschiddleche Sproocheprofiller beschoult ginn. Ausserhalb vum reguläre Cours kënnen d'Schüler interagéieren, geneesou wéi an de peri- a parascolairen Aktivitéiten.

6. Soll d'Entwécklung vun de franséischsproochege Filièren am Enseignement secondaire an déi wëssenschaftlech Evaluatioun vum Projet ALPHA integréiert ginn?

D'Entwécklung vun de franséischsproochege Filièren am Enseignement secondaire muss sécher am Laf vun de nächste Joren ënnersicht ginn; et ass awer net virgesinn, dës Entwécklung an déi wëssenschaftlech Evaluatioun vum Projet ALPHA ze integréieren.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH